



Assemblée générale ordinaire du 30 mars 2012

Rapport d'activité du secrétaire général Thierry Ries

Kee Bachelor fir d'Redakteren !

Dat ass de fin mot aus der Siicht vun der AGC vun enger Gehälterreform déi een a villen Hisiichten als historesch bezeechne kann.

Et ass awer och, a ganz besonneg, dat definitiv Urteel dat d'Regierung an dësem däregen Dossier kloer zu Ongonschte vun alle Redaktere gesprach huet an op déi Aart a Weis, des traditionell Carrière zur Belanglosechkeet veruerteete wëll.

Kee Bachelor fir d'Redakteren !

Dofir awer eng fuschnei Carrière oder besser gesot en neie Groupe de traitement fir all déi, déi esou een Diplom opweise kënnen. Dobäi spillt et och weider keng Roll op et sech em eng wëssenschaftlech, techesch oder administrativ Formatioun handelt.

Alleguer gi se téschen d'Carrière supérieure authentique an d'Redakteschcarrière aklasséiert a verdrängen domat d'Redakteren souwuel vun hiren traditionelle Posten wéi och op déi drëtt Plaz an der Hierarchie.

Mä ofgesinn dovun, versetzt d'Regierung mat dëser Approche, eiser laangjäreger Fuerderung no enger besserer a méi adequater Formatioun definitiv de Coup de grâce.

Wat kënne mir elo nach als weider Formation de base fuerderen ? Méi wéi 30 Joer laang huet d'AGC op d'Noutwennegkeet vun enger besserer Formatioun higewisen, huet hier Fuerderung ëmmer nees der Zäit no ugepasst an ass leider och ëmmer nees vun deene successive Regierungen ignoréiert ginn.

Vum Cycle court, iwwer eng spezifesch Formatioun vun 2 Joer op der Uni Lëtzebuerg, bis hin zu engem Bachelor en droit, économie oder gestion, mat enger Gehaltsopbesserung oder ouni.

Alles hu mir probéiert a näischt dovun ass jee zeréckbehal ginn.

Keng weider Formatioun a scho guer kee Bachelor fir d'Redakteren !

Dofir awer weiderhin eng inadequat Formatioun baséiert op engem bradéierten Diplôme de fin d'études secondaires.

Do freet ee sech dach just wat ass dësen Diplom nach wert, wa bis d'Reform vum Secondaire gestëmmt ass, eng Reform déi ënner anerem, dem Nivellement vers le bas aus der Ecole fondamentale Rechnung droe soll.

A wann een da bedenkt wat den eigentlechen Ausléiser vun dëser ach sou historiescher Gehälterreform war, dann ass d'Enttäuschung an d'Roserei em esou méi grouss.

Eng generell Gehälterreform

Am Joer 2008, war et den Enseignantsgewerkschafte gelongen am Kader vun der Schoulreform hier Carrière ze revaloriséieren a sech op déi Aart a Weis endlech vun « deenen déi nëmmen eng Première hunn » ze distanzéieren.

Esou eng Approche ass fir eng Gewerkschaft de bonne guerre. Wëlls du Regierung deng Reform ëmsetzen, da kuck och dass et bei eis an der Päitut rabbelt !

Dat hunn och schon anerer laang Jore virun den Enseignantë gemaach an zwar mat engem ähnlech gudden Erfolleg.

Leider war et deemools dobäi bliwwen.

Des Kéier awer sollt et net bei esou enger partieller Revalorisatioun bleiwen. An dofir huet d'CGFP dann och eng generell Gehälterreform gefuerdert. Eng Reform bei deeër fir jiddereen eppes eraussprange sollt.

Mä scho virun de leschte Walen, huet den aktuelle Minister vun der Fonction publique an deemolege Parteipresident d'Marschrichtung vun dëser Reform festgeluegt andeems en déclaréiert huet seng Partei géif d'Ufanksgehälter beim Stat erofsetzen.

An och de sougenannte Leeschtungsprinzip, als Grondsteen fir den Evaluatiounssystem fënnt een am Walprogramm vum Minister Biltgen senger Partei erëm.

Kee Wonner also, dass hie sech beruff fillt, fir des Reform auf Biegen und Brechen duerchzeboxen. D'Wieler, an dorënner musse jo noutgedrungen och vill bis ganz vill Statsbeamte sinn, hu senger Partei schliisslech d'Mandat dofir ginn.

A wat dann elo schlussendlech bei dëser längst iwweffälleger an allgemenger Gehälterreform eraus komme wäert, dat ass ewell fir jiddereen fräi zougängelech.

D'Avant-projete sinn zënter Méint um Internet publizéiert an och scho fläisseg vu Jenni a Menni kommentéiert ginn.

Mä, dovu ware mir op eiser leschter Generalversammlung awer nach wäit, ganz wäit eweg.

Virun engem Joer ...

De 7 Februar 2011, zwee Deeg virun der grousser Conférence des comités déi als Protestmanifestatioun ausgeluecht gi war, hat de Minister Biltgen jo no laangem hin an hier endlech agewëllegt d'Ënnerorganisatiounen eenzel ze empfänken.

Och mir als AGC sinn am Kader vun deenen Entrevue gehéiert ginn, allerdéngs hu mir dofir mussen eise Litige dee mir zu deem Zäitpunkt mat der Regierung haten zeréckzéien.

Dat war d'Conditoun déi de Minister eis gestallt hat fir kënnen um Dialogue social deelzehuelen.

Obwuel, vun engem richtegen Dialog kann een awer am Fall vun deeër Entrevue net schwätzen. An esou ware mir dann och no dësem Rendez-vous net méi schlau ewéi virdrun. Ofgesi vun dräi Aussoen déi de Minister gemaach hat :

- 1) d'Ofschafe vun de verschiddene Funktiounen, also vun eise schéinen Titelen, wier fir hie keng absolut Noutwennegkeet,
- 2) den Avant-projet vun der Reform sollt nach virun Ouschtere presentéiert ginn an
- 3) déi Associatiounen déi dozou schrëftlech fondéiert Critiquen an Alternative presentéiere wäerten, déi Associatioune géifen duerno nach eemol empfang ginn.

Fir de Rescht hu mir eis och weiderhi missen op déi sougenannten Note d'implémentation verloossen, eng Note vun 10 ganze Säiten déi awer schonn am Mäerz 2010 unanimement vun der Conférence des comités refuséiert gi war.

Dat war dann och d'Situatioun, esou wéi mir iech se op eiser leschter Generalversammlung presentéiert hunn. An duerno ass et nees roueg ginn em d'Gehälterreform an der Fonction publique.

Vu kenger Säit war nach iergendeppes gewuer ze ginn ! Weder vun der CGFP nach vum Minister Biltgen. An esou hu mir dann alleguer zesummen emol op den Ouschterhues gewaart, ganz gespaant dorop op deen dann elo dee laang erwaarten Avant-projet presentéiere géif.

Mä mam Ouschterhues ass et esou wéi mam Kleeschen : et gött en net wierklech !

Ouschteren ass komm an Ouschteren ass gaang, awer vun engem Avant-projet war nach ëmmer näischt ze gesinn.

Fir also e bëssi Beweegung an d'Spill ze kréien hu mir den 23. Mee 2011 alle Fraktiounen eng Demande d'entrevue zoukomme gelooss. Alle Fraktiounen !

Awer nëmmen d'DP an « déi gréng » hunn eis dorops hin empfang. Vun deenen aneren hu mir emol keen Accusé de réception kritt.

Zwee Accorden

Dat war den Enn Juni 2011, zu engem Moment wou keen esou richteg wouss wéi et dann elo mat der Reform sollt viru goen. Gewosst war nëmmen, dass d'CGFP eng Rei Informatiounsreunioune mat der Regierung hat. Méi awer och net.

A wéi scho kee méi virun der grousser Vakanz, enger vun den Haapt-Echéancen, wann net seguer déi allerwichtigst Echéance hei am Land, wéi also scho kee méi nach mat iergend eppes Neies am Dossier Gehälterreform gerechent hat, du war et op emol esou wäit.

Nodeems d'CGFP an d'Regierung sech den 13. an de 14. Juli gesinn hate wor de Premier zouversichtlech, dass et nach zu engem Accord virum Summer komme géint. Dat si mir de 15. Juli aus der Presse gewuer ginn.

Éischtens en Accord an zweetens virum Summer, dat kann dach net sënn hu mir eis geduecht.

An awer ! D'CGFP an d'Regierung hu sech och nach de 15. Juli moies zesumme gesat a scho si mir kuerzfristeg fir mëttes an enger Conférence des comités zesummegeruff gi fir iwver den Accord am Kader vun der Gehälterreform ofzestëmmen.

An enger kuerzer Introduction hu mir emol fir d'éischt e puer generell Informatiounen kritt. Beim Accord iwver d'Reform an der Fonction publique géif et sech em Kompromëss handelen. Et ass och vun « donnant/donnant » geschwat ginn. An esou ware mir dann och alleguer gespaant, wat dann elo um Dësch géif leien.

Ee grouse Bémol war allerdéngs der Regierung hier Attitude falls et awer net zu engem Accord géif kommen. Dann, esou hu mir erkläert kritt, « da kënnt dat do ënner der do Form net méi op den Dësch ».

An anere Wieder, nees eemol Chantage gouvernemental, genee esou wéi am Februar 2011, wou mir als AGC eise Litige hu mussen zeréckzéien, fir net vum Dialogue social ausgeschloss ze bleiwen.

Duerno krute mir déi grouss Prinzipie vun der Reform esou wéi d'CGFP se mat der Regierung verhandelt hat virgedroen. Heibäi ass et awer nëmmen em den Intérêt général gaangen, well jo alles wat Intérêt sectoriel ass, exklusiv mat den Ënnerorganisatiounen verhandelt muss ginn.

Ofschléissend gouf dunn och nach den Accord salarial presentéiert mat als Kiischt uewen um Kuch, enger Punktwertaugmentatioun vun 2,2% am Januar 2013.

Déi ganz Saach hat allerdéngs een Hoken.

Och wann et sech em zwee verschidden Accorden handelt, esou hu se awer mussen als ee Ganzt approuvéiert oder refuséiert ginn.

Alles oder näischt, mat der Ausso am Hannerkapp : falls et net zu engem Accord komme sollt, « da kënnt dat do ënner der do Form net méi op den Dësch ».

Eis Positioun

An enger Interruption de séance, hu mir als AGC eis déi eenzel Punkten nach eemol genee ugekuckt an haten dorops hin eng ganz Rei Bedenken.

Wat soll een zum Beispill dovun halen, wann eng Regierung lasszitt fir bestehend Automatismen ofzeschaffen an dann op eemol neier aféiert ? Do muss dach iergendwou en Hoke sinn.

Eng Rei aner Mesuren hunn eis allerdéngs iwverhaupt net gefall.

Vun der 2,2 procenteger Kiischt hu mir eis awer zu kengem Moment beandrocke gelooss.

An esou hu mir de Pour an de Contre ofgewien a sinn zum Schluss komm, dass mir dëse Kompromëss, an dat ass et jo och schliisslech nëmmen, e Kompromëss, mat 40 vun eisen 62 Stëmme acceptéiere géifen.

Mä et ass a bleift e Kompromëss dee gestäipt ginn ass duerch d'Ausso, dass falls mir deem net zoustëmmen, « da kënt dat do ënner der do Form net méi op den Dësch ».

Well fräiwëlleg ka keng Gewerkschaft enger Reform zoustëmmen, duerch déi d'Ufanksgehälter gekierzt ginn, d'Evolutioun vun de Gehälter gebremst gëtt oder och nach en onsägleschen Evaluatiounssystem agefouert gëtt.

Am Géigesaz zu der ganz ganz grousser Majoritéit hu mir net mat Hurra dofigestëmmt, mä nëmme mat zwee drëttel vun eise Stëmme.

Mä wéi heescht et esou schéin : mitgefangen, mitgehangen. Ob mir elo ganz oder nëmme majoritaire fir dësen Accord gestëmmt hunn ass en fin de compte enges. Tatsaach ass op jiddefall, mir hunn dofir gestëmmt, behalen eis awer trotz allem d'Recht fir, eng eege Meenung zu verschiddene Punkten ze hunn an och déi eng oder aner Measure hefteg ze kritiséieren.

Andeems mir dofir gestëmmt hunn, hu mir eis awer och engagéiert dësen Accord mat ze droen. Dat heescht awer och, eis mat aller Véhémenze dofir anzesetzen, dass en esou ëmgesat gëtt wéi mir e presentéiert kritt hunn.

Presentéiert hu mir déi zwee Accorde jo nëmme mëndlech kritt, esou wéi dat zënter jeher an der CGFP de Fall war. Dat ass bei engem Accord salarial jo och net weider schlëmm.

Mä bei engem Projet, deen net nëmmen d'Gehälter reforméiere soll, mä och nach grouss Deeler vum Statut an iwwerhaupt d'Organisatioun an de Fonctionnement vun der Verwaltung als solch, bei esou engem Projet ass dat net grad evident.

Well den Däiwel läit ze soen ëmmer am Detail.

An dofir hu mir eis den Text vum Accord zur Gehälterreform esou bal ewéi e publizéiert war op d'Long gezunn.

Eis Reaktioun

Déi éischt Reaktioun war déi, dass een d'Gefill net lass ginn ass, et misst dach irgendwou en Hoke sinn. Et war einfach Verschiddenes zevill positiv am Verglach mat deem wat d'Regierung ugekënnegt hat.

Besonnenesch wat den neien Automatismus an d'Avancementer am Niveau supérieur ugeet, do huet ee sech dach missen déi eng oder aner Fro stellen.

Eng vun deene Froe war déi, firwat een den Automatismus am Niveau supérieur oder d'Recht op des Avancementer net explizit am Accord eremfënnt ?

Sollt et esou sinn, dass et sech awer net em automatesch Avancementer am Niveau supérieur handelt, dann hätt d'Regierung der Verhandlungsdelegatioun d'Saach net gutt erkläert oder schlicht an einfach gelunn ...

An dat wier extrem schlëmm!

Well dësen Accord steet a fält zumindest fir d'AGC mat den neien automateschen Avancementer am Niveau supérieur.

Keng limitéiert Zuel vun de Posten a garantéiert Avancementer all 3 Joer bis an den Endgrade. Also eng Carrière plane fir jiddereen !

Dat ass fir vill Redakteren an ech soe bewosst Redakteren an net Beamten am allgemengen, also fir vill Redakteren ass dat eng Verbesserung.

Mä war et wierklech esou geduecht ?

Et bestoung also och nach nom Accord vill Kläerungsbedarf.

Mä wéi och ëmmer. Elo war emol fir d'éischt grouss Vakanz an da leeft jo hei am Ländche bekanntlech näischt bis guer näischt méi.

Béiss Zonge behaapte seguer, dass dësen Accord deelweis esou séier zustane komm ass, well deen een oder aneren et léiwer hat déi ganz Saach nach viru senger wuelverdingter grousser Vakanz ofzeschléissen.

Fir e Redakter gëtt et jo awer bekanntlech keng grouss Vakanz, mä just zwou bis dräi Woche Congé an da geet et och schonn nees weider. Dofir kënne mir esou Aussoe och nëmme ganz engeresch zréckzeweisen.

Mir hunn awer vun dëser opgezwongener Paus profitéiert fir eis sérieux Gedanken iwwer deen een oder anere Punkt aus dem Accord ze maachen. Virun allem hu mir eis awer gefrot firwat d'Regierung en Automatismus am Niveau supérieur aféiere wëll, wa se dorop aus ass eng budgetär neutral Reform duerchzezéien.

Oder kann et iere sinn, dass déi nei automatesch Avancementer de Stat en fin de compte méi bëlleg ginn?

Et huet eng Zäit gedauert, mä dunn ass de Grosche gefall, zumindest emol bei eis.

(...)

En Automatismus am Niveau supérieur ?

Automatesch Avancementer ouni Limitatiounen op Grond vu Pourcentagen a Fin de carrière no 20 Joer Déngscht.

Esou eng Carrière ass zwar keng Billerbuch-Redakter-Carrière. Et ginn der sécher déi bis ewell besser eweg komm sinn, mä et ginn der awer och ganz vill bei deenen dat net de Fall war.

Déi hier Promotioune vill méi spéit oder iwwerhaupt net kritt hunn.

Also, am grouse ganze schéngt den Automatismus sech net all zevill negativ op d'Redakteren auszewierken.

An dat kënnt dohier, well mir eng Carrière hunn déi sech iwwer 7 Graden zitt, 4 am Cadre ouvert, dem néien Niveau general an 3 am Cadre fermé, dem neien Niveau supérieur.

Bei deene meeschte Carrières ass dat awer net de Fall.

Esou huet zum Beispill d'Carrière supérieure nëmme 5 Graden, 3 am Cadre ouvert an 2 am Cadre fermé.

An deem Fall ass den neien Automatismus mat Mindestdélaien vun 12 Joer fir den Accès an de Niveau supérieur, respektiv 20 Joer fir de Grade de fin de carrière eng manifest Verschlechterung. A wann ee bedenkt, dass ëmmer méi Universitären agestallt ginn, da weess een och wou de Stat duerch des nei Automatismus spuere wäert.

Mä si si net alleng. Esou wéi hinne geet et alle Beamten, deenen hier Carrière sech iwwer manner wéi 7 Graden erstreckt.

Duerch des Erkenntnis ware mir net méi grad sou skeptesch an hunn ugefaang un dësen neien Automatismus ze gleewen. Elo huet en nach just mussen esou an den Avant-projet stoe kommen.

D'Avant-projeten

An dësen Avant-projet huet nach laang op sech waarde gelooss.

De 6. Oktober war Rentrée sociale bei der CGFP mä d'Avant-projeten waren nach ëmmer net disponibel. Et huet nach bis de 24. Oktober gedauert, bis d'Texter endlech um Internet publizéiert gi sinn.

Do dernieft huet awer och all Associatioun 2 deck Dossiere geschéckt kritt, zesumme mat der Opfuerderung, innerhalb vun zwou Wochen eng schrëftlech Prise de position un de Minister ze schécken.

Fir déijéineg, deenen dësen Délai ze kuerz war hat de Minister awer trotzallem eng Verlängerung em eng Woch proposéiert. Dat allerdéngs nëmme « pour des raisons exceptionnelles ».

Zwou oder dräi ganzer Wochen, fir 1.033 Säiten Text net nëmme ze liesen, ze analyséieren oder ze kommentéieren. Mä och nach fir emol iwwerhaupt ze kucken op dat wat am Accord stoung och genee esou ëngesat ginn ass.

An do loung d'Kromm an der Heck. Fir eng ganz Rei Punkte war dat net de Fall.

Ugefaang, bei deem neien Automatismus am Niveau supérieur, wou zwar ëmmer nees betount gi war dass et sech heibäi wierklech em en Automatismus handele géif, mä wou den Avant-projet et definitiv net hierginn huet.

Hei steet zum Beispill an der Definitioun vum Niveau supérieur dass et an dësem Niveau d'Avancementer « au plus tôt après un nombre déterminé d'années de grades » géif ginn. Au plus tôt!

A fir all eenzel Carrière kënn dann e standardiséierten Text, dee sech fir d'Redakteren zum Beispill esou unhéiert : « les promotions aux grades 11, 12 et 13 peuvent intervenir au plus tôt après chaque fois trois années de grade ».

Et kritt een also seng Promotioun fréistens, « au plus tôt » no 3 Joer, awer nëmme wann de Chef d'administration wëll. Dofir suergt de « peut » am Saz.

Also zum engen e « peut » an zum aneren en « au plus tôt ». Dat héiert sech no allem, mä net no engem Automatismus un.

Des Remarque hu mir dann och direkt un d'CGFP gemailt, zesumme mat enger Proposition de texte, wéi et da richteg heesche misst, fir dass et och am Niveau supérieur en Automatismus gëtt.

Mir hunn awer och beim Minister intervenéiert fir den Délai vun zwou op dräi Woche verlängert ze kréien.

Prise de position oder Litige ?

Am Comité hate mir scho laang virun der Publikatioun vun den Texter doriwwer diskutéiert wéi mir dann op d'Avant-projeten reagéieren sollten.

Eent war jo vu vir era kloer. D'Aféiere vun enger neier Bachelor-carrière war beschlosse Saach. An och eis Fuerderung no enger besserer Formatioun fir déi zukünfteg Redaktere wäert vun der Regierung net berücksichtegt ginn.

Doduerch huet sech fir eis d'Fro gestalt ob mir als AGC iwwerhaupt Stellung zu den Avant-projeten huele sollen.

Oder wier et villäicht besser a méi logesch se kategoresch ze refuséieren an direkt nees de Wee vum Litige anzeschloen.

Wéi gesot hu mir am Comité doriwwer diskutéiert a sinn zu folgendem Schluss komm :

Vu dass d'Regierung definitiv net u besser forméierte Redakteren interesséiert ass, mëcht et nëmme wéineg Sënn weider Energie an d'Bäibehale vun eiser Revendicatioun ze investéieren.

Elo geet et vill méi dorëms e Maximum fir d'Redakteren aus dëser Reform erauszuschloen an domat de Schued a Grenzen ze halen. An dat geet nëmme mat neie Revendicatiounen déi sech an iergend enger Weis un dat upasse wat an den Avant-projete virgesinn ass.

Op Initiative vum Comité fédéral huet d'CGFP dunn eng weider Verlängerung vum Délai bis de 6. Januar 2012 gefrot an och accordéiert kritt. D'Ënnerorganisatiounen sinn op enger Conférence des comités restreinte den 30. November 2011 doriwwer informéiert ginn.

Eis Prise de position hat zu deem Zäitpunkt scho ganz konkret Formen ugeholl. An dat war och gutt esou. Well knapp 2 Deeg drop huet de Minister Biltgen der AGC kuerzfristeg eng Entrevue proposéiert.

Dat war dach emol eppes ganz neies. An dofir hu mir eis och net laang fléiwe gelooss an direkt zougesot.

Eng technesch Réunioun

De 7. Dezember 2011 souze mir also mam Minister an enger Rei vu senger Beroder an enger wéi hien et genannt huet « technescher Réunioun » zesummen. Des Réunioun sollt et erlaben, am Virfeld eventuell Problemer ze léisen oder Froen ze beäntweren.

Vu dass mir awer weider keng Froen zu den Texter haten, hu mir eis einfach emol un eis provisoresch Prise de position gehal. Mir hunn nees eemol dorop higewisen, dass et haut net méi mat enger Première gedo ass fir den traditionellen Attributiounen vun de Redaktere gerecht ze ginn.

Mä leider gesäit de Reformprojet absolut näischt fir, fir deem Mësstand en Enn ze bereeden. Am Géigendeel !

D'Ëmsetze vum Bolognaprozess, war net nëmmen eng excellent Geleeënheet, mä leider och déi allerlescht, fir de Redakteren endlesch déi Formatioun zouzespriechen, déi si dach esou batter néideg hunn.

Awer dat schéngt d'Regierung weider net ze interesséieren.

Dofir hu mir eis dann och op d'Avant-projete konzentréiert, ugefaang mat der Verlängerung vum Stage déi an eisen Aan absolut näischt bréngt. Compte tenu vun enger méi niddereger Indemnité de stage, wäert de Stat zwar op Käschte vun deene Jonken e puer Euro spueren. Méi awer och net !

Ob sech den Niveau de performance vun de jonke Beamten doduerch verbessere wäert, dat ass dach awer ze bezweiwelen. An dat ass och net de Punkt ! Well ugekënnegt war zwar eng Reform vum Stage allerdéngs « sans augmenter le volume total de la formation actuelle ».

Also net méi Formatioun, dofir awer manner an der Päi während dräi an net nëmmen zwee Joer. Dat ass eng reng Spuermoosnam a soss guer a glat näischt.

An och mat der Gestion par objectifs kënne mir eis net esou richteg ufrënnen. D'Verwaltung beschäftegt sech ëmmer méi mat sech selwer. Da bleift natierlech net méi esou vill Zäit fir de Bierger. Mä och dat schéngt d'Regierung net ze stéieren.

Dozou zielt natierlech och deen onsägleschen Bewertungssystem, mat senger järerleche Mitarbeitergespräche wéi dat op däitsch esou schéin heescht. Eng reng Schikan wäert dat do ginn ! Net méi an net manner !

Dem Minister seng Reaktioun

Alles dat huet dem Minister siichtlech net immens geschmaacht.

A wéi mir dunn och nach bemierkt hunn, dass dee versprochenen, neien Automatismus absolut net aus den Avant-projeten ervir géif goen, dunn (...).

Wann elo all Ënnerorganisatioun dohier kënnt an alles dat, wat hie mat der CGFP ofgemaach huet, nees a Fro stellt, da misst hie sech sérieux froen in wéi fern, d'CGFP dann nach als Verhandlungspartner ze considérieren wier.

Well wann dat do esou weidergeet, « da kann ech nach viru Chrëschttag, de ganze Projet zerrappen an an d'Feier geheien ».

A souwisou, déi Saach mam Automatismus wier scho längst mat der CGFP gekläert.

Hie war also alles anescht wéi amused. Mir allerdéngs och a konnten esou eng Ausso net op eis sätze loossen.

Schliisslech hate mir nach zwee Deeg virdrun op der grousser Conférence des comités élargie gesot kritt, dass et zu engem Litige komme géif, falls den Automatismus net explicit aus de Projeten ervirgoe wäert.

Wou solle mir da wëssen, dass elo op eemol alles an der Rei wier ?

A wat eis Haltung zu diversen anere Punkten aus dem Accord ugeet, do hu mir als AGC méi wéi sécher d'Recht eng eege Meenung ze hunn a se och se soen. Dat si mir zumindest eise Membere schëlleg.

Dovun ofgesinn, muss een och nach ënnerscheiden, zu wéi enge Measure mir nëmmen eis Meenung soen an zu wéi engen anere mir Revendicatioune formuléieren.

Dat geet och iwweregens ganz kloer aus eiser Prise de position ervir.

A wéi mir dem Minister dunn och nach verséichert hunn, dass mir him bestëmmt kee Litige am Kader vum Intérêt général maache wäerten, dunn huet e sech och nees berouegt, an d'Réunioun ass an engem gudde Klima virugaangen.

Zur Réduktioun vun der Indemnité de stage hu mir him natierlech och eis Meenung gesot. Heibäi handelt et sech net em eng Nécessitéit, mä eenzeg an alleng em eng Measure de complaisance zugonschte vum Patronat aus dem Privatsektor.

D'Perte d'attributions

Deen décksten Hond an dëser Reform ass a bleift dann awer fir eis d'Schaffe vun deem neie Groupe de traitement A2 an der domat verbonnener Perte d'attributions op Käschte vun de Redakteren.

A wéi eng Attributiounen an Zukunft net méi vun de Redaktern mä nach just vun de Bacheloren iwwerholl solle ginn, dat konnt ee schonn an der Gehälterétude noliesen.

An eisem Inforum hate mir och en Tableau comparatif zu dem Thema publizéiert.

An dësem Tableau weist ganz kloer a wéi eng Richtung dass et goe wäert. An enger Verwaltung do waren se wuel am éierlechsten :

D'Attributiounen vun den zukünftege Bacheloren ? Ma dat sinn déi vun den aktuelle Redakteren ...

Bon, wann deem esou ass, da muss ee sech jo awer och froen wéi leeft dat da konkret of ?

Administrativ Bacheloren gétt et bis ewell nach keng beim Stat. A bis déi emol en place sinn, do sinn et nach ëmmer mir d'Redakteren déi d'Aarbecht maachen.

Also ass et och net méi wéi richtig, dass mir d'selwecht bezuelt ginn, wéi déi déi no eis kommen. An zwar ouni iergend welch supplémentaire Oplagen, dat heescht keng Formation personnalisée a scho guer kee Mémoire !

Dofir fuerdere mir an eiser Prise de position en Avancement en traitement an de Grade 14 mat majoration d'échelon, fir all d'Redaktere mat engem Poste à responsabilité an zwar 4 Joer nodeems se dee leschten Echelon am Grade 13 erreecht hunn.

De Changement de carrière

E weidere spezifesch Probleem vun de Redakteren ass de Changement de carrière oder wéi dat elo heescht, den Accès a méi een héige Groupe de traitement.

Am Avant-projet ass virgesinn, dass d'Redakteren an Zukunft nach just an de Groupe A2 déi nei Bachelorcarrière wiessele kënnen an net méi wéi bis ewell an d'Carrière supérieur authentique dem Groupe A1.

Wiessele kann een awer nëmme falls een eng Rei vu Conditionen erfëllt :

Ugefaang gëtt mat enger Rei vu Coursen an Epreuves préparatoires, duerno kënt e Plan de qualification individuel a fir ofzeschléissen eng oder méi Épreuves, inklusiv engem Mémoire.

An dee ganzen Opwand fir bis an de Grade 14 ze kommen a net wéi bis elo an de 16 oder eeventuell nach méi wäit.

Dofir fuerdere mir, dass d'Redakteren och weiderhin d'Méiglechkeet kréie fir an d'Carrière supérieure authentique, den A1 wiesselen ze kënnen.

Des Méiglechkeet bleift am Moment zwar schonn als Iwwergangsbestëmmung fir déi nächst 10 Joer bestoen, mä duerno ass dann awer definitiv Schluss. Da bleift nach just den Accès an de Groupe A2, also an d'Bachelorcarrière iwwereg.

An enger anerer Disposition transitoire gesäit den Avant-projet awer och nach ee sougenannte Changement de groupe complémentaire fir.

Dat heescht, dass während deenen nächsten 10 Joer déi Redakteren déi op engem Poste à responsabilité sëtzen an op mannst 15 Joer Déngscht hunn, iwwer eng vereinfacht Procédure an d'Bachelorcarrière wiessele kënnen : keng weider Epreuves, mä nëmme eng Formation personnalisée, gekoppelt mat engem Mémoire.

Deen eenzegen Hoke bei der Saach ass awer deen, dass de Changement de carrière wéi bis ewell och op 20% vum Effectif vun der neier Carrière limitéiert ass. Also vun der fuschneier Bachelorcarrière.

A wann een da bedenkt, dass 20% vun 0, an dat ass nun emol den Effectif total vun de Bacheloren, 0 Unitéiten, dass also 20% vu 0 Bacheloren duerch Redaktere ersat kënnen ginn, da kënt ee sech fein ausgedréckt veräppelt vir.

(...)

Jo, 20% vu 0 ass tatsächlech 0 !

Mä dat wier awer net esou geplangt gewiescht sot de Minister an huet eis verséichert « et woar net eis Absicht fir äech unzeschäissen ». Dat war dach emol eng kloer Ausso !

A si géifen dann och no enger adequater Léisung an dësem Kontext sichen. Wéi des Léisung dann elo ausgesäit, dozou spéider méi.

D'Formatioun

Ofschléissend hu mir dann awer och nach ganz energiesch géint eng weider Reduktioun vun der Formation générale um INAP protestéiert.

An deene sëllege Reforme vum INAP tëschen 1983 an 2010, ass hei d'Stonnenzuel em 54 % erofgesat ginn. An dat genee an der Période, an der d'AGC ëmmer nees méi Formatioun gefuerdert huet. Wann dat kee Schlag an d'Gesicht ass, da wees ech et och net.

An als Sahnehäubchen gëtt am Avant-Projet d'Stonnenzuel dann nach eemol vun elo 372 op 240 Stonnen erofgesat. Dat ass absolut inacceptabel.

Dofir fuerdere mir net nëmmen d'Bäibehale mä d'Eropsetze vun de Formatiounsstonnen fir déi zukënfteg Redaktere mat Fächer wéi Droit, Economie, Comptabilité, Finances publiques an esou weider.

Déi néideg Zäit miissten déi nei Stagiäre jo elo hunn, vu dass de Stage em ee Joer verlängert ass an d'Indemnitét em 20% respektiv em 10% gekierzt gëtt. Well et ka jo net sënn, dass d'Stagiären an Zukunft als bëlleg Aarbechtskraaft mëssbraucht ginn. Do muss jo dann awer och déi néideg Zäit fir d'Formatioun iwwereg bleiwen.

Et wor alles an allem eng gutt an interessant Réunioun, an deeër effektiv déi eng oder aner Fro gekläert konnt ginn. Mir hunn doropshin eis Prise de position op e puer Punkten adaptéiert.

Précisiounen a supplémentaire Propositionen

Kuerz viru Kreschtdag, huet d'Fonction publique nach séier allen Associatiounen eng weider Note mat Précisiounen a supplémentaire Propositionen zur Reform zoukomme gelooss. An dëser Note gëtt ënner anerem den Automatismus am Niveau supérieur explizit confirméiert. Et gëtt en also wierklech !

Mä wéi scho gesot, e Redakter léisst sech net vun enger Schoulvakanz ofschrecken ! An esou hu mir eis Prise de position tëschen de Feierdeeg nees eemol adaptéiert, fir dass se dann och dësen neie Précisiounen a Propositionen Rechnung dréit.

De 4. Januar hu mir se am Comité à l'unanimité ugeholl, ier se dunn un de Minister geschéckt ginn ass. De ganzen Text kënn dir iwweregens an eisem leschten Inforum noliesen.

Dee selwechten Dag ass awer och nach de Comité fédéral vun der CGFP zesummekomm an huet ënner anerem dem Bureau exécutif gréng Luucht ginn, fir der Regierung en Ultimatum ze stellen.

Den Ultimatum

D'Regierung gouf domat opgefuerdert, sech nach virun den Entrevue mat den Ënnerorganisatiounen, kloer a wa méiglech positiv zu enger Rei vu strëttege Punkten ze äusseren. Heibäi geet et em dee sougenannten « Mécanisme correcteur », d'Reform vum Stage an de Bewäertungssystem.

(...)

Well wéi d'Regierung net dorop agaang ass, an d'CGFP de Conciliateur saiséiert huet, du hunn eng Rei Kollege sech d'Fro gestallt, awéifern sech de Litige op hire Rendez-vous beim Minister auswierke wäert.

Soll hien d'Associatiounen elo iwwerhaupt nach empfänken ?

Schliisslech kréie mir zënter Jore gepriedegt, bei der Reform géif et sech em ee Ganzt, ee Package indissociable handelen.

De 15. Juli ass och nach den Accord salarial mat an dee Package erageholl ginn. Wann d'CGFP elo op e puer Punkten aus dësem Pak der Regierung e Litige mécht, ass dann alles hifälleg oder awer net?

A wéi reagéiert d'Regierung dorop: Tobsucht, Roserei an Expresssegkeet ? Fräi nom Motto: « dann huele mir eben nees den initiale Projet aus dem Tirang an den Accord salarial kënnen se och vergiessen ».

Mä komescherweis huet d'Regierung ganz anescht reagéiert an och weiderhin op den Dialog gesat. An dat sou wuel mat den Ënnerorganisatiounen wéi och mat der CGFP. Allerdéngs fuerdert d'Regierung d'CGFP op hier schrëftlech Amendementer zu deene strëttege Punkten ze presentéieren.

An dat ass genee dat wat mir als AGC an eiser Prise de position gemaach hunn. Mir hunn dem Minister eng ganz Rei vun Amendementer proposéiert, esou wuel wat den Intérêt général ugeet, wéi och wat déi spezifesch Situatioun vun de Redaktere betrëfft.

Dobäi ass et kloer, dass et sech beim Intérêt général nëmmen em Iwwerleeungen eisersäits handelt. Mir kënnen jo net fir alleguer d'Ënnerorganisatioune schwätzen. Bei allem wat d'Redakteren ugeet, sinn des Amendementer awer ganz kloer Revendicatiounen.

Eis Entrevue

Dat hu mir och dem Minister an eiser Entrevue vum 6. Februar 2012 ze verstoe ginn. De Minister fir säin Deel, huet eis Prise de position immens apprécieiert, well se wéi hie fënnt ganz précise an detailléiert wier.

A vu dass mir schon am Dezember am Detail op déi eenzel Aspekter vun der Reform agaange waren, konnte mir eis an dëser Réunioun voll a ganz op dat konzentréiere wat eis als AGC am meeschte Suerge mécht.

An dobäi geet et natierlech em eis Attributiounen, respektiv em dat wat no dëser groussaarteger Reform dovun iwwereg bleiwe wäert.

Schuedensbegrenzung ass elo ugesot, fir dass déi Redakteren déi elo do sinn och no der Reform nach zu de Kaderbeamte gehéieren. Well dat ass et wat mir zënter jeher sinn ! D'Kaderbeamten .

An et schéngt seguer, wéi wann de Minister och bereet wier, fir iergend eppes an des Richtung ze maachen. No der Erkenntnis, dass 20% vun 0 leider ëmmer nach 0 ass, huet de Minister an der Note vun 22. Dezember 2011 eng nei Propose fir den Accès vum Redakter an d'Bachelorcarrière gemaach.

Et geet jo heibäi em dee sougenannte Changement de groupe complémentaire oder wéi se am Ministère dofir soen de Changement « par la voie expresse ». No dëser neier Propose kënnen elo 20% vun de Redakteren an d'Bachelorcarrière wiesselen falls se e Poste à responsabilité bekleeden, eng Formation personnalisée matgemaach hunn an e Mémoire geschriwwen hunn.

Ma wann dat keng Ouverture ass ! 20% vun de Redaktere wiesselen an d'Bachelorcarrière, ass dat net genial ?

Jo an neen ! Well den Hoken un der Saach ass deen, dass de Poste mat sengen Attributiounen an d'Bachelorcarrière transferéiert muss ginn an domat definitiv fir d'Redaktere verluer wäert sinn.

Des wonnerbar Ouverture stellt also fir 20% vun de Redakteren eng eemoleg Geleeënheet duer, féiert allerdéngs zu enger Perte d'attributions accélérée op Käschte vun deenen aneren 80% aus eiser Carrière.

Mir verrieden awer alleguer d'Redakteren an net nëmmen déi 20% déi an dësem Fall profitéiere wäerten. Dat hu mir dem Minister esou gesot an hien huet zouginn, dass déi Saach nees eemol net ganz duerchduecht war. Et wier op kee Fall seng Absicht eiser Carrière de Coup de grâce ze ginn an hie géif och weiderhin no enger fir jiddereen acceptabeler Léisung sichen.

Mä firwat laang sichen, wann d'Alternative schonn an eiser Prise de position dra steet. An zwar en Avancement en traitement an de Grade 14 mat majoration d'échelon, ouni iergend welch supplémentaire Conditounen.

Des Propose schéngt dem Minister awer net esou ze gefallen, wéint der wéi hie sech ausdréckt « transversaler Approche vun der Reform ».

Wann een näämlech iergend enger Carrière eppes gëtt, da kënnt eng aner a wëll eppes Ähnlech.

Mä mir sinn awer net iergend eng Carrière ! Mir sinn déi Carrière déi no dëser Reform riskéiert d'Baach ofzegoen, genee esou wéi mir dat schonn zënter ville Jore virausgesot hunn.

An dogéint mussen a wäerte mir eis och weiderhi wieren.

Wat elo d'Funktounen an d'Titelen ugeet, do bleift de Minister entgéint deem, wat en eis d'lescht Joer gesot huet stuer. Et wäert an alle Carrièren nach just 2 Dominatioune ginn, mat Ausnam vun deene wou déi aktuell Funktiounen anscheinend duerch d'Uniform bestoe bleiwe mussen.

Am Géigenzug, wäert de Chef d'administration awer d'Méiglechkeet kréien am Organigramme méi métiersspezifesch Titelen ze schafen déi dee Moment och méi aussoe wéi dat bis ewell de Fall ass.

Bei zwee weidere Punkten ass de Minister dann awer bereet nach eemol doriwwer nozedenken. Heibäi geet et em d'Formation général um INAP an em de Changement de carrière an d'Carrière supérieure authentique, deem zukënftege Groupe A1.

Eng weider Incohérence

No eiser Entrevue, ass eis dunn awer nach eng weider Incohérence am Kader vum Changement de groupe complémentaire opgefall a mir hunn se dem Minister d'urgence matgedeelt.

Ech ginn elo net an den Detail, dat géif einfach ze wäit féieren an dir kënnt et souwisou an eisem leschten Inforum a Rou noliesen.

Mä esou vill sief gesot : déi Redakteren, déi iwwer d'Voie expresse an d'Bachelorcarrière wiessele riskéieren ze soen alleguer hier Majoration d'échelon, dat ass jo deen ale Bis-Grade, ze verléieren. Dat féiert dozou, dass se am Grade 14 ouni Majoratioun genee 10 Punkte méi Verdénge wäerte wéi am Grade 13 mat hirer Majoratioun.

Mir hunn dem Minister et virgerechent a gehofft dass hien d'Problematik verstoe géif.

Dass 20% vun null, null ass ; dat versteet bal jiddereen. Mä dass 15% vun 20%, 3% sinn ; dat ass scho méi komplizéiert. An och wéi a firwat dat sech schlecht op d'Carrière ouverte auswierke wäert, dat ass schonn net esou liicht ze verstoen.

Bis ewell hu mir dann och weider keng Reaktioun méi vum Minister Biltgen op dëse Courier kritt. D'Zäit vun Dialog an Transparenz schéngt elo definitiv eriwwer ze sinn.

Alles nëmme « pour la galerie »

Mä wéi och ëmmer. Nodeems all d'Associatiounen beim Minister passéiert waren, hu mir eis an enger Conférence des comités restreinte iwwer dee méi oder éischter wéineger groussen Erfolleg vun dësen Entrevuen ausgetosch.

D'Resultat war fir déi eng dach éischter ernüchternd, fir déi aner allerdéngs genee esou wéi ee sech dat erwaart hat. An aner Wieder, et war wéi schonn esou oft eenzeg an alleng « pour la galerie » ! Eng lästeg Pflichtübung, deeër de Minister zwar nokomm ass, mä nëmme well hien et der CGFP esou versprach hat. Ni plus, ni moins !

Négociatiounen hunn zu kengem Zäitpunkt a mat kenger Associatioun stattfonnt. Just do wou een op eng Incohérence am Text higewisen huet, do war de Minister bereet fir eppes ze änneren. Mä soss ass fir jiddereen alles beim ale bliwwen !

Dofir huet d'CGFP de Minister dann och opgefuerdert, schrëftlech zu de jeeweilegen Entrevuë Stellung ze huelen. Op des Manéier sollen d'ënnerorganisatiounen d'Méiglechkeet kréie fir nach virum Dépôt vun de Projeten déi Schrëtt ze ënnerhuelen déi si fir néideg fannen. Zum Beispill de Conciliateur mat deem engem oder anere Litige ze saiséieren.

An d'Äntwert op des Mise en demuere huet net laang op sech waarde gelooss : et wier evident, dass d'Regierung all hir Interlocuteurs iwwer den Impact vun de jeeweilegen Discussiounen informéiere géif. An dat Ganzt natierlech nach virum Dépôt vun de Projeten.

Zu dëser Positioun huet sech de Minister dann och nach eemol formell virum Conciliateur de 27 Februar 2012 engagéiert.

Mä à propos Conciliatioun : an dëser éischer Réunion hunn déi zwou Säiten dem Conciliateur seng Propose ugeholl. An zwar déi, dass si sech e puer mol ouni hie géife gesi fir da Mëtt Mäerz déi nächst Conciliatiounsronn anzelauden.

An d'Resultat vun dësen neien Négociatioune krute mir net méi spéit wéi leschten Dëschdeg op enger Conférence des comités restreinte presentéiert. Des Kéier seguer schréftlech an net nëmme mëndlech.

Zwee Punkten aus dësem neie Kompromëss wëll ech ganz kuerz ervirhiewen. Zum enge get d'Ufangsgehalt bei der Nominatioun elo net méi um drëtten, mä um véierten Echelon gerechent. Dofir muss een awer am Fin de Stage an Zukunft 2/3 vum Total vun de Punkte ereeche fir dësen Examen ze packen.

Zum anere gëtt d'Stonnenzuel vun der Formation générale elo awer net erofgesat.

Do dernieft kritt all Ënnerorganisatioun eng schréftlech Äntwert op hir Fuerderungen ir mir dann nach eemol alleguer vum Minister empfaang e ginn.

Mat dësem Accord, dee mir als AGC mat 40 vun eisen 62 Stëmmen approuvéiert hunn, ass dann och de Litige tëschen der CGFP an der Regierung bäigeluegt.

Ob an zu wéi enge Punkten d'AGC de Conciliateur mat engem Litige befaasse wäert, dat muss de Comité no der nächster Entrevue mam Minister décidéieren.

Conclusioun

An domat wier ech dann och um Enn vu mengem Rapport d'activité ukomm.

Et war nees emol e mouvementéiert Joer. Och wann dat engem en cours de route net esou virkomm ass. Déi meescht Zäit hu mir mat Waarde verbruecht.

De Comité fédéral vun der CGFP ass zwar relativ oft zesumme komm, de Comité exécutif vun der CGFP leider net esou oft wéi ee sech dat an dësen Zäiten erwaart oder erhofft hat. Dofir ass d'Conférence des comités restreinte des öfteren aberuff ginn.

An trotzdem sinn d'Ënnerorganisatioune weider näischt Konkretes gewuer ginn. Mir hu musse bis an de Juli waarden ier mir iwver de Contenu vun der Reforme zumindest wat den Intérêt général ugeet sommairement an d'Bild gesat gi sinn.

Duerno huet et nees Méint laang gedauert bis déi fir Ouschteren 2011 versprochen Avant-projeten um Dësch lounen.

Ze begréissen ass allerdéngs dass d'Ënnerorganisatioune doropshin dach awer méi wéi déi ursprénglech virgesinnen 3 Wochen Zäit haten, fir sech mat den Texter ze befaassen.

An dat war wéi een u ville Beispiller gesäit net vu Muttwëll. Eng ganz Rei Mesure waren net, a sinn ëmmer nach net bis an de leschten Detail duerchduecht.

Eng Rei Kurskorekturen konnten esou wuel vun der CGFP, awer och vun der AGC duerchgesat ginn.

Mä de Redakteren hiren Haaptproblem wäert leider net mat dëser Reform geléist ginn. Och déi zukënfteg Redaktere gi weiderhin um Niveau Première recrutéiert an dat mat alle Konsequenzen déi dat fir eis Carrière oder wéi et elo richteg heescht eise Groupe de traitement wäert hunn.

An eiser Entrevue am Februar vun dësem Joer, sot de Minister Biltgen hie géif am léifsten an de Verwaltungen de Groupe A2, also d'Bacheloren, nëmmen iwver de B1 recrutéieren an dat si mir, also léiwer iwver e Changement de carrière recrutéieren a Plaz nei Bachelore vu baussen anzustellen.

Firwat hien dat esou gesäit, dat huet hien eis net kloer gesot a mir hunn et och net gefrot. Des Ausso klasséiert een am beschten ënner « Incohérences diverses » déi sech aus dëser Reform ergin.

Well ee vun den Argumenter firwat een an der Verwaltung eng nei administrativ Bachelorcarrière brauch, war zënter Joren, dass een en Débouché fir dësen neien Diplom schafe muss. An elo soll de Changement de carrière favoriséiert gi fir Beamten am Groupe A2 ze recrutéieren.

Dat beweist ganz kloer, dass eis Iwwerleeung richteg war an och nach ëmmer richteg ass : mir sinn déi Carrière an et hätt jidderengem vill Misère erspuert, wann d'Redakteren an Zukunft um Niveau Bachelor recrutéiert gi wieren.

Et beweist awer och nach eppes anescht, an zwar dass verschidde Leit näischt unhuele wann et net op hirer Mëscht gewuess ass. Traureg awer wouer !

Elo geet et fir eis dorems, de Schued a Grenzen ze halen, dee finanziellen awer och dee moraleschen. Sécher, duerch deen neien Automatismus an d'Ofschafe vun de Pourcentagen, wäert kee méi riskéieren net bis an den 13 ze kommen. Mä niewen der Päi muss een dach awer och nach e Minimum u Satisfaktioun mat heem huelen.

A fir dass dat och an Zukunft esou bleift, dofir wäerte mir eis als Association générale des cadres och no dëser oder besser gesot grad no dëser ach esou historescher Reform engagéieren.

Ech soen lech Merci.